REÇU le
22 SEP. 2025
Rép : ......

SANDWEILER

sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 22. September 2025

**Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 25. September 2025**

Monsieur Buergermeeschter,
Monsieur, Madamm Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengerotsmemberen erlaben sech Iech follgend Fro'en ze stellen an hoffen ob eng Äntwert am Gemengerot vum 25.09.2025. Fir de Bierger Är Äntwert ouni eventuell verfälschend Interpretatioun zoukommen ze loossen, biede mir Iech an der Suite ons Är Äntwerte schrëftlech zoukommen ze loossen.

**Fro 1:**

De 17.09.2025 gouf et onsen Informatiounen no en Totalausfall vum Internetaccès aus dem Informatiknetz vun der Gemeng.

- Wéi een Impakt hat dat op d'Aarbecht vun der Gemeng, de Maisons Relais, Schoulen,...?
- Wat war den technesche Grond fir dësen Ausfall?

**Fro 2:**

Fir Evenementer vun der Kulturkommissioun war scho puer mol déi franséisch Versioun an der Dropbox vun enger privater Firma publizéiert ginn.

- Ass dëst dem Schäfferot bekannt?

**Fro 3:**

Um Facebookaccount vun der Gemeng sinn a leschter Zäit ëmmer nees Posts ze fanne wou d'Kommentarfunktioun aktivéiert ass, a bei aneren ass se desaktivéiert.

- No wéi enge Critèrë gëtt entscheet ob wéi eng Post d'Bierger kenne kommentéieren?

Et ass opgefall dass kritesch, net beleidegend Kommentarer verschwonn sinn an nodréiglech Kommentarfunktioun ofgeschalt gouf.

- Gi kritesch Kommentarer vu Bierger vun der Gemeng geläscht oder op onsichtbar geschalt?

**Fro 4:**

Zënter e puer Woche gëtt um Futtballterrain geschafft, de Chalet an de Container, wou Material vum Fussball stockéiert goufe, sinn ewech gerappt ginn.

- Wat ass do geplangt?

**Fro 5:**

Op der Seniorefeier huet Buergermeeschter erkläert, dat verschidden Aarbechten am Centre Culturel, de Comptoir an de PMR gerechte Lift fir op Bün, fäerdeg sinn an nach aner Aarbechten an deenen nächste 4-5 Méint ausstinn. Dem Gemengerot gouf kee Projet virgeluecht. Mir stellen dofir follgend Froen:

- Wat vir eng Entreprise oder Architektebüro huet des Aarbechte geplangt?
- Wéi vill Entreprisen oder Architektebüroen si gefrot gi fir d'Transformatiounen ze plangen?
- Wat vir eng Firma huet de Comptoir montéiert a wat huet e kascht ?
- Wat vir eng Firma huet de Lift geplangt a wat huet e kascht?
- Wat vir eng Aarbechte ginn am Centre Culturel, déi nächst Méint realiséiert?
- Wat kaschten, déi eenzel Transformatiounen?
- Vir wat gëtt dëse Projet dem Gemengerot net virgestallt a votéiert?
- Mir fuerderen de Schäfferot op d'Pläng an Devisen dem Gemengerot ze presentéieren.
- Wat kascht déi néi Fassad a wat vir eng Firma huet dësen Optrag kritt?
- Sinn duerfir 3 Devisen ugefrot ginn ?
- Wärend den Aarbechte soll de Centre Culturel e puer Méint zou si, wou kennen an dëser Zäit Kommissiounen hir Versammlungen ofhalen?

**Fro 6:**

De Gemengerot huet an der Gemengerotssitzung vum 19.12.2024 d'Renovatioun an Extensioun vum Scoutschalet vu bal 1 Millioun Euro gestëmmt. Virum Congé collectif huet AC Construction am Scoutschalet geschafft, nom Congé si keng Aarbechte méi ugaangen.
Duerfir stelle mir follgend Froen:

- Wat vir eng Aarbechten huet AC Construction gemaacht?
- Wat hunn dës Aarbechte kascht?
- Sinn do 3 Devisen ugefrot ginn?
- Firwat gouf keng ëffentlech Ausschreiwung gemaacht, bei sou engem héije Montant?
- Wëll de Schäfferot all eenzel Aarbechten un eenzel Betriber ginn, fir keng Ausschreiwung brauchen ze maachen?
- Wa jo, wéi vill eenzel Betriber ginn da gefrot?
- Wat waren déi eenzel Devisen?

- Musse Beem ewech gemaacht gi souwuel fir den Ausbau, wéi fir de Chalet mat den Toilettë virun der Dir?
- Gett de Steeg ewech geholl deen nieft dem Chalet ass?

Romain DUMONG
Conseiller

Jean LEMMER
Conseiller

Simone MASSARD-STITZ
Conseillère